Dépôt :
Groupe politique LSAP
BRAZ Liz
Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

Interpellat° - Éducat° financière

2

# MOTION

**D'Chamber,**

- stellt fest, dass déi lescht national Strategie fir finanziell Educatioun 2015 ausgeschafft ginn ass an haut net méi aktuell ass ;
- stellt fest, dass eng effikass Strategie fir finanziell Educatioun an enger koordinéierter Approche têschent dem Educatiouns- a Finanzministère an der CSSF muss ëmgesat ginn
- stellt fest, dass sozio-ekonomesch bevirdeelegt Stéit eng besser finanziell Educatioun hunn ;
- hëlt zur Kenntnis, dass d'Digitaliséierung vum Finanzsecteur, d'Entwécklungen op de Krypto-Marchéen an den Zougang zur Investissementsproduiten duerch digital Plattformen d'Finanzmäert verännert hunn ;
- stellt fest, dass dës Evolutiounen e bessert Verständnis fir ekonomesch a finanziell Entwécklungen an domat eng verstäerkt finanziell Educatioun fir all Altersgrupp a sozial Schicht erfuerdert ;
- hëlt zur Kenntnis, dass d'Resultater aus der Etude „International Survey of Adult Financial Literacy", déi vum OECD International Network on Financial Education (OECD/INFE) duerchgefouert gouf, weisen, dass et zu Lëtzebuerg nach ëmmer e bedeitend Verbesserungspotential bei der finanzieller Educatioun vun den Awunner zu Lëtzebuerg gëtt ;
- mierkt un, dass d'Etude „International Survey of Adult Financial Literacy" opweist, dass et och genderspezifësch Differenze bei der finanzieller Educatioun ginn ;
- rappeléiert, dass eis Nopeschlänner schonn national Strategien zur finanzieller Educatioun en place gesat hu fir dat finanziellt Verständnis vun hiren Awunner ze verbesseren.

**invitéiert d'Regierung:**

- bis de Summer 2025 eng national Strategie zur finanzieller Educatioun virzeleeën, begleet vun engem konkrete Plang fir hir Ëmsetzung ;
- déi noutwendeg Ressourcen ze mobiliséiere fir eng effizient Koordinatioun tëschent dem mandatéierten Organ an de concernéierte Ministèren ze garantéieren ;
- e reegelméissege Suivi vun dëser Strategie ze assuréieren, dëst am Aklang mat den internationalen „best-practices" an de Recommandatioune vun internationalen Organisatiounen ewéi der OECD.

Mat déiwem Respekt,

Signature (s) :

Liz Braz